ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den d'Madame Familjen- an Integratiounsminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1400 schreift d'Madame Minister am 4. Punkt vun enger Méiglechkeet, eng eenzel Persoun an engem Stot opzehuelen a si awer als „communauté domestique à part" unzegesinn. Dee Punkt, dee besonnesch am Kontext vum RMG wichteg ass, wäert vill Leit hei zu Lëtzebuerg interesséieren. Dofir wollt ech der Madame Minister fir d'Famill a fir Immigratioun dës Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt RMG-Empfänger, déi net an enger Partnerschaft oder an engem Bestietnis liewen, mä déi eng gemeinsam Wunneng huelen oder wou een deen aner bei sech ophëlt, an deene meeschte Fäll finanziell Aboussen erleiden?
2. Huet d'Madame Minister Zuelen, wéi dacks dat zu Lëtzebuerg an de leschte Joere geschitt ass? Huet d'Madame Minister Zuelen, wéi dacks esou e geplangtent Deele vun enger Wunneng net méiglech war, well eng vun deenen zwou Persounen doduerch hir finanziell Ënnerstëtzung oder en Deel dervu verluer hätt?
3. Gëtt et eng Méiglechkeet, fir iwwer de Wee vun enger „communauté domestique à part" dëse finanzielle Verloscht bei Leit, déi nëmmen eng Wunneng deelen a soss keng Verbindung hunn, ze verhënneren?
4. Huet d'Madame Minister Zuelen, wéi dacks déi Méiglechkeet, déi d'Gesetzgebung, déi a Kraaft ass, jo erméiglecht, an der Vergaangenheet RMG-Empfänger erlaabt huet, aus der akuter Wunnengsnout zu Lëtzebuerg erauszekommen?
5. Firwat ass d'Méiglechkeet, fir déi streng Regelung ze emgoen, eréischt am Rumm vun der Flüchtlingskris analyséiert ginn a net scho virdrun am Kader vun der grad fir kleng Revenuë katastrophaler Situatioun um Wunnengsmaart?
6. Besteet schonn eng Projektioun, wéi vill Leit an de Genoss vun där Ausnahmeregelung kéinte kommen?
7. Bleift dës op Flüchtlinge beschränkt oder kann all RMG-Empfänger dervu profitéieren? Kënnen an deem Fall och Leit, déi virdrun op eng Wunngemeinschaft hu musse wéinst de finanziellen Abousse verzichten oder déi déi finanziell Aboussen a Kaf geholl hunn, dermat rechnen, datt hire Fall nei gekuckt gëtt? Ass am Fall, wou se finanziell

Aboussen a Kaf geholl hunn, fir awer an där nemmlechter Wunneng ze liewen ouni eng partnerschaftlech Bezéiung ze hunn, dru geduecht, datt se hire finanziellen Ausfall op Grond vun där neier Analyse vu bestoende Gesetzer a Bestëmmunge kompenséiert kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten